

Här President,

Ech erwaarden mer vun enger Ried zur Laag vun der Natioun am Wesentlechen 2 Saachen:

1. Eng Bestandsopnam an eng Analys vun deem, waat an de leschten 12 Méint an eiser Gesellschaft geschitt ass: watt s'ch verännert huet – zum Gudden oder zum Schlechten -, waat aanescht ginn ass, waat s'ch beweegt huet...

An 2. erwaarden ech mer vum Premier vun enger Regierung, datt en Weeër opweist, wéi d'Regierung, mat den Verännerungen emgoë well.

Vu béidem woar awer kaum eppes ze héieren an deem Aufsatz, deen de Premier gëschter virgelies huet.

Här President,

Aanescht wéi de Premier ass méng Riedezäit begrenzt. Waat méch zwéngt e Choix ze maachen vun Sujets, déi ech awer – am Géigesatz zu him - verdéiwen wëll.

Fir eis als Lénk sinn 3 Evenementer markéierend fir déi lescht 12 Méint :

- D'**Klimakriis**, bei der d'Bewosstsinn geklomm ass, datt et eng Existenzfro vun der Mënschheet ass a bei där eis d'Zäit dovun leeft, se op en erträgléche Minimum ze begrenzen;
- déi **sozial Ongläichheeten**, déi zu Lëtzebuerg entretemps all Negativrekorder brieche
- an d'**Wunnengsnout**, déi ëmmer méi Mënschen hei am Land zur Verzweiflung bréngt.

Dëst sinn an eisen Oaën déi bezeechend Problemer, déi d'Leit an eisem Land betreffen, an déi *ganz enk* mateneen verbonne sinn; Problemer, déi sëch an dene leschte 6 Joër ënner dëser Regiirung nët verbessert hunn. Erausforderungen, déi d'Regiirung nët ugaangen ass... och nët no der leschter grousser Ried vum Premier, der Regiirungsdeklaratioin.

Här President,

En knappt halleft Joër nodeems de Premier hei de Regiirungsprogramm viirgestallt huet, sinn 10.000 Schüler a Studenten zu Lëtzebuerg op d'Strooss gaangen. Si hunn géint de Fatalismus vum Klimawandel manifestéiert an hunn zu Recht d'Ontätegkeet vun der Politik – also och daer vum lëtzebuergësche Parlament an der lëtzebuergëscher Regiirung – schoarf kritiséiert.

Si sinn domadder zu Lëtzebuerg nët alléng, mee Deel vun enger *weltwäiter Jugend-Bewegung*, wéi se an daer Envergure un déi vun 1968 erënnert, mam Ënnerscheid, datt se dës Kéier nach vill méi e globale Charakter huet.

Si erhiewen d'Stëmm fir eng liewenswert Zukunft an si erhiewen Usproch op dës Zukunft. En verdammt legitimen Usproch, well si am laengsten an daer Zukunft liewe mussen. A se maachen daat, well se wëssen (an ët och ëmmer méi kloer gëtt), datt d'Grondlaagen vun daer Zukunft graad amgaangen sinn zerstéiert ze ginn. Iwwerall op der Welt, an zu Lëtzebuerg an engem besonnëschen Mooss:

- den ökologesche Foussofdrock weist eis, datt mer zu Lëtzebuerg e Ressourceverschleiss hunn, deen 8 Welten bräicht. Also: wann iwwerall esou wéi zu Lëtzebuerg gewirtschaft géif ginn, dann bräichte mer 8 Planéiten.... Tendenz klammend: virun e puer Joër woaren daat nach "nëmmen" 6 oder 7 Welten... entretemps 8...
- Den Earth Overshoot day – also deen Daag am Joër, bei deem d'Ressourcen, déi e Land zur Verfüjung huet, an déi sech regeneréiere... zu Lëtzebuerg ass deen Daag den 16. Februar...
also no nëmmen 7 Wochen am Joër fänke mer un op Käschten vun den zukünftegen Generatiounen an vun aneren Deeler vun der Welt ze liewen... Jhust de Qatar ass weltwäit daat eenzegt Land, daat nach méi schlecht do steet wéi mär...
- Mär sinn europawäit Schlusslicht an der Produktioun vun erneierbaren Energien... déi mer awer esou dréngend bräichten fir ewech ze kommen vun den fossilen Energien an dem Atomstrom ;
- Eisen Ausstouss vun CO2-Emissiounen ass d'lescht Joër weider an d'Luucht gaangen, obwuel mer eis esouwuel bei der COP21 wéi bei Eisen europäeschen Partnere verpflichtet hunn, e signifikativ erfzesetzen;
- Mer erliewen och zu Lëtzebuerg en dramatesche Verloscht un Biodiversitéit, mat deem mer eis an eiser Zukunft d'Liewensgrondlaagen entzéien;

An ët kiint een d'Lëscht weiderfueren: d'Zersiddelung vum Land, d'Waasserqualitéit vun eise Flëss an virun allem d'Waasserreserven, déi un hiir natiirléich Limitten kommen....

Global ass ët fir ganz vill Mënschen nët nëmme *Zukunft*, déi alles aanescht wéi roseg ausgesäit, mee d'*Géigewaart*, déi fir si schonns d'Hell bedeit.

All dës Indicateuren weisen nët an eng positiv Zukunft. Am Géigendeel. All dës Indicateuren sinn franchement desastréis a ginn eis kee Vertrauen an d'*weider Maachen* vun dëser Regiirung. An duerfiir waerten och an dene nächsten Méint déi Jonk – an entretemps och ëmmer méi manner Jonker - nët ophalen ze manifestéieren.

A wéi reagéiert de Premier Bettel dorobber?

Am Juni erkläert hien bei Nationalfeierdaag, datt Lëtzebuerg enorm Ustrengunge maache géif, mee am Ausland misste se och mol wakreg ginn op der Klimafro.... Hallo?!?!?

Bei der UNO erkläert hien, Lëtzebuerg wiir e Musterschüler am Kampf géint de Klimawandel an déi aner Länner sollten sech mol eng Scheif un eis ofschneiden....

De Jonken verzielt hien, hien hätt sech elo eng Joghurtsmaschinn kaaf, fir géint de Klimawandel viirzegoën,

An gësch versicht hien eis mat Zuelenspillereien weiszemaachen, datt mer um gudde Wee wieren.... (Bsp.: CO2-/Kapp & 60% erneierbar Energien bei Ménagen...)

Wësst der, ech ka jo verstoën, datt een versicht, sëch an e bessert Liicht stellen ze wëllen, mee waat de Premier an der Klimafro mécht, grenzt un Verleegung vun der Realitéit. A wann een der Realitéit awer nët an d'Ae kuckt, dann kann ee se och veränneren.

D'Regiirung huet zwar am März en Entworf fir e **nationale Klima- a Energieplang** viirgestallt, mee bis elo kéng konkret Ëmsetzungsstrategien präsentéiert.

Daat soën nët nëmmen mär also Lénker, daat seet esouguer d'Europäesch Kommissioun, déi zwar begréisst, datt d'Regiirung sëch formell Ziiler setzt wéi 55% Reduzéierung vun CO₂-Emmissiounen bis 2030 par rapport zu 2005, mee awer gaer bis Enn dës Joërs géif wëssen, wéi d'Regiirung dann gedenkt déi konkret ëmzesetzen.

Och doriwwer huet de Premier näischt gesoot... mol nët ugekënnegt, datt daat awer nach dëst Joër geschéie soll. Esou, datt ech dovunner ausginn, datt d'Regiirung och do hiir klimapolitësch Hausaufgaben alt nees eng Kéier nët gemeet kritt.

An ët kann een sëch berechterweis Froën: firwaat ass daat esou? Ëmmerhinn sëtzen dach déi Gréng zanter 6 Joër an der Regiirung... Firwaat kréien se dann näischt gebaaken? Firwaat komme mer nët virun?

Ech mengen, ët ginn 2 Uersaachen: déi eng läit an der Kompositioun vun der Regierung aus dräi komplett ënnerschiddlëche Parteien mat 3 komplett ënnerschiddlëche Approchen, daer ët ganz einfach u Kohärenz fehlt... jo, ët gétt kéng kohärent Klimapolitik zu Lëtzebuerg. Dëse Sujet gétt nët iwwergräifend als Politikziil behandelt, mee

besteet aus vereenzelten punktuellen Mesüeren, déi duerch aner Politikfelder nees gebrach, jo, carrément contre-carréiert gëtt.

E gudd Beispill huet de Premier gëschtt nees selwer geliwwert: den Undeel un erneierbaren Energien soll zwar klammen, mee gläichzäiteg gëtt um Projet Google festgehalten, deem en enormen Stroumfrësser waert sinn. ..

do kënnst daer eis nach esou vill Geschichten iwwer Energieeffizienz verzielen. Google waert de Stroumverbrauch zu Lëtzebuerg massiv an d'Luut driewen an domadder eis nach méi weit vun denen Ziiler un Produktioun vun erneierbaren Energien entfernen, zu denen mer eis verpflichtet hunn....

En anert Beispill sin d'Fräihandelsaccords, déi aus réng ökologescher Siicht eng Katastroph sinn. Et kann een keng Klimapolitik maachen a gläichzäiteg andauernd Fräihandelsaccords ënnerschreiwen, fir datt nach méi Wueren, mat niddregen Standards sënnlos duerch d'ganz Welt transportéiert ginn... jhust fir e puer Multinationalen ze erlauben nach méi Profitter ze maachen um Bockel vun soziale an vun Umweltstandards....

An e lescht Beispill: 2 Joër nom Akraafttrieden vum Paräisser Accord investéiert eisen öffentleche Rentenfonds 545mio.€ direkt an d'Produktioun an d'Exploitatioun vun fossilen Energieträger – indirekt ass d'Somme nach wesentlech méi héich! An dogéint stinn ganzer 21mio. an erneierbar Energien. Also 25x manner.

Nach méi schlëmm ass déi sougenannten Zukunftsfonds, deem an all méiglech toxesch Produits investéiert.

A scho guer nët ze schwaetzen vum Carbon Foot print vun eiser Fongenindustrie.

Daat ass d'Realitéit vun der Klimapolitik vun der lëtzebuenger Regiirung. Vill Sonndesrieden, mee soss: Kéng Kohärenz, néierens.

Dach: eng gëtt ët. An daat ass den zweeten Grond, firwaat d'Regiirung nët viru kënt op deem Plang. Klimapolitik gëtt vun der Regiirung an éischer Linn bedriwwen als liberal Politik. Klimapolitik muss nämlëch moart-konform sinn. Daat ass d'Essenz vum grénge Kapitalismus.

Un éischer Plaatz stinn d'Profitter... an denen huet och de Klimawandel sëch ënnerzeuerdnen... an fir de Rendement ze garantéieren an Kapital unzelackelen gëtt ët grousszügeg vun de Steierzueler subventionnéiert. Daat ass en gros déi Haaptstrategie vun daer och gëschter de Premier geschwaat esou. Also: Business as usual, an virun allem: Business.

Domadder mécht d'Regiirung definitiv de Bock zum Gaertner. Also graad déi Moartmechanismen an déi Art a Weis ze wirtschaften, déi zum Klimawandel gefouert hunn sollen lo d'Léisung duerstellen?

Dobäi ass erwissen, datt z.B. de ganzen Emissiounshandel, deen op daer Logik berout en eenzegen Echech ass.

Mat genee esou Moartmechanismen keeft d'Regiirung sëch an de baltësche Staaten Statisten an, fir viirzegaukelen, se géif energetesch Ziiler erreechen. Daat huet méi mat mëttelalterlëchem Ablasshandel ze dinn, ewéi mat fortschrëttlëcher Klimapolitik.

E neoliberale Wirtschaftsmodell, deen op d'Ausbeutung vu Mënsch a Natur opbaut, ass d'Uersaach vum Problem, an séng Instrumenter kënnen nët d'Léisung sinn.

Zu den Instrumenter vun esou enger Politik gehéiert och, datt d'Fro vun der Responsabilitéit un der Klimafro am Moment individualiséiert gëtt. D.h. ët ass un éischer Plaatz jiddereen eenzelnen Responsabel fir de Klimawandel. De Klimawandel gëtt domadder zu enger réng individueller Gewëssensfro.

An ët gëtt komplett vergiess – oder ënner den Tëppëch gekiirt - datt ët eng kollektiv Responsabilitéit ass, déi een an éischer Linn och muss kollektiv ugoën.

Dobäi weisen all Zuelen och fir Lëtzebuerg, datt ët déi grouss strukturell Décisiounen sinn, mat denen een déi energetesch Transitioun muss ugoën.

Och hei e puer Beispiller: Eis CO₂-Emissiounen sinn esou héich, well zu Lëtzebuerg virun allem Diesel an enormen Quantitéiten getankt an an d'Ausland exportéiert gëtt. Camion'en fueren honnerte Kilometer Ëmwee, fir mat riesegen Tanken hei Diesel ze zaapen.

Déi sinn Responsabel fir en enormen Undeel vun de Lëtzebuerger Emissiounen. Daat ass eng strukturell Décisioun vun der Politik. Bei där misst een als alleréischt ufänken. A mer gesinn, datt och déi bescheiden Erhéijung vun 2 cents dorunner näischt ännert.

Daat heescht nët, datt nët och jiddereen eenzelnen Efforte maache soll, mee duerfiir mussen och d'Bedingungen erfëllt sinn, wéi z.B. en verlässlechen an flächendeckenden ëffentlechen

Transport... an déi ass am Moment nët ginn, weder waat d'Offer ugeet, nach waat d'Pünktlëchkeet ugeet.

En anert Beispill ass de Stroumverbrauch vun de Stéid : deen ass um Gesamtundeel vum Energieverbrauch zu Lëtzebuerg ganz kléng. Natiirlëch soll een kucken, fir deen nach weider erofzesetzen, an do kann och jidder eenzelne hëllef, mee ët ass bei wäitem nët den Haapt-energiefrësser.

An nach laang nët jiddereen – besonnësch d'Locataire – huet och d'Méiglechkeet daat ze maachen. Duerfir bräichten mer dréngend en Programm vun enger grouss ugeluechtener öffentlecher Altbau-sanéierung.

Et sinn eben déi grouss strukturell Décisionen vun der Politik, wéi mer hei an Zukunft wirtschaften wëllen, déi virun allem ausschlaggebend sinn.

Eng seriö Klimapolitik daerf dem Moart nët alles iwwerloossen, mee se muss en vill méi stoark encadréieren. Et ass un der Politik, déi Regeln opzestellen, wéi hei an Zukunft produzéiert gëtt. An nët um Konsument, deen an extra spezialiséiert Geschäfte fuere muss, fir pestizidfräi, karbon-oarm oder regional Produits ze kaafen:

Mam Jeep müssen op d'Gréng-Wiss ze fueren, fir do eng Bio-Avocado aus Mexiko ze kaafen, ass nët nohalteg an bréngt eis och kee Schratt virun.

An dann sinn mer natiirlëch bei der **Landesplanung** an bei der Art a Weis, wéi duerch politësch Décisionen eis Duerf- a Stadkäeren ëmmer méi eidel ginn. Och daat sinn strukturell Décisionen, op déi den Einzelnen kaum direkten Afloss huet.

Och do daerfe mer dem Moart nët alles iwverloossen – mer gesinn jo zu waat et féiert – mee d'ëffentlëch Hand – de Staat an d'Gemengen missten do géige steieren.

An et ginn och vereenzelt Projets, déi an eng aner Richtung weisen. Déi missten konsequent ënnerstëtzt an ausgebaut ginn. Well se en plus, e stoarkt Element vun sozialer Kohäsion kënnen sinn.

Här President,

Et ass d'Responsabilitéit vun engem Wirtschaftssystem, deen op d'Ausbeutung vu Ressourcen a Mënschen opbaut, deen eis dohinner bruecht hunn, wou mere lo sinn: ganz kuerz virun 12...

Et ass deen selwechten Wirtschaftsmodell, deen dozou gefouert huet, datt et elo d'Leit an dene Länner sinn, déi am mannsten fir de Klimawandel responsabel sinn, déi séng Folgen am battersten spieren.

Daat ass an de Länner vum globale Süden esou, daat ass awer och bei eis esou. Et sinn d'Multimilliardären an déi Superräich, déi bei wäitem dee gréissten ökologesche Fossofdruck hunn. Et sinn si, déi iwverduerchschnëttlëch zum Klimawandel bäidroën. An et sinn och si, déi sech an denen leschten Joerzengten, ongenéiert un dësem zerstörerëschem Wirtschaftsmodell beräichert hunn.

Et sinn also och déi sozial Inegalitéiten, déi besonnesch zum Klimawandel bäidroën. An graad dowéinst hänken déi ökologesch Fro an déi sozial Fro esou enk mateneen zesammen. Dowéinst sinn et 2 Säiten vun enger Medaille.

An daat erkennen ëmer méi Leit, déi zesummen op d'Strooss ginn. Duerfir gëtt et och eng Allianz vu Gewerkschafts-, Sozial an Umweltbewegung. Genee duerfir fuerdere si och: Climate Justice, Klimagerechtegkeet. Den Kampf géint de Klimawandel muss duerfir ëmmer e Kampf fir sozial Gerechtegkeet sinn.

Här President,

Duerfir kann een kéng Ried zur Laag vun der Natioun halen, ouni op déi sozial Entwécklung am Land anzegoën – och well se esou enk verbonnen ass mat der Klimafro.

An ähnléich wéi bei der Klimafro missten déi sozial Indicateuren d'Regierung an allerhéchstem Mooss interpelléieren:

- Den Oarmustrisiko brécht mat 18,7% vun der Populatioun all Negativrekord. Dës Zuel ass an denen leschte 15 Joër consequent vun 11% op 13%, 15%, 17% bis elo op baal 19% an d'Luut gaangen. ---- Besonnesch betraff nach ëmmer Alléngerzéiender an skandaléiserweis: Jonker a Kanner.
- Den Undeel u Working Poor – also denen Leit, déi obwuel se schaffen, dem Oarmutsrisiko ausgesaat ass op 13% geklomm. Domadder sinn mer an Europa entretemps op der 2. Leschter Plaatz.
- D'Ënnerscheeder bei de Salairen ginn ëmmer méi grouss : déi ganz déck Paien ginn proportional wesentlëch méi séier an d'Luut wéi déi Mëttel, a nach vill méi séier wéi déi Kléng ;
- D'Akommesënnerscheeder tëscht denen iiewechten 10% an denen ënneschten ass esou héich wéi nach virdrunn...

Daat ass d'sozial Realitéit hei zu Lëtzebuerg. Eng Gesellschaft, déi ëmmer weider ausenanerdrift. Wuel kaum virdrunn woar ët ëm déi sozial Kohäsioun esou schlecht bestallt ewéi haut. Awer am Premier sénger Ried woar kee Wuert dovunner ze héieren. Weder huet hien ët benannt, nach huet hien Weeër opgezeechent fir daer Entwécklung entgéintzotrieden.

Et ginn sécher och eng Rëtsch Leit, déi duerchaus „konfortabel“ liewen, ewéi den Alex Bodry soot. Mee d'Zuel vun denen geet op eng besuergniserregend Art a Weis zereck. An déi sozial Ongläichheeten huelen ëmmer wieder zou.

Dobäi wier ët esou dréngend, deen Trend ëmzekéieren. Mer bräichten dréngend eng aner Ëmverdelung vum geschafene Räichtum hei am Land. Eng Emverdelung vun uewen no ënnen.

Als alleréischt bräichten mer Léin – a besonnësch déi ënnegt – déi d'Oarbécht esou entlounen, datt een nees dezent / mënschewierdeg dovunner liewe kann. Ugefaangen bei dem niddregsten, dem Mindestloun, deen eng seriö Erhéijung bräicht. 13% huet d'CSL viirgerechent....

Mer bräichten e Steiersystem, deen d'Kapital **zumindest** d'selwecht besteiert ewéi d'Léin. Mer missten déi deck Benefisser an déi héich Fortunen nees esou besteieren, datt si hiiren ugemossenen Bäitraag un der Kollektivitéit, un der Gesellschaft leeschten.

A mer missten daat sozialt Netz esou engmascheg spannen, datt nët esou vill Leit derduerch faalen.

Dovunner huet een awer glaat a guer näischt am Premier sénger Ried héieren. Am Géigendeel: d'Steieren op Benefisser sollen

nach weider erofgoën. Daat heescht dann “fiskal Kompetitivitéit”.

Wéi wann ët dem Land u Kompetitivitéit fehlen géing.

Genee mat daer doten Logik misste mer awer brieche, wann mer d’Problemer an d’Erausfuerderungen vun der Zukunft wiilten ugoën.

Mär produzéieren domadder e Wuesstum, deen d’Land weder sozial nach ökologesch verkrafft, deen déi sozial an ökologesch Problemer verschærft, amplaatz se unzegoën.

An ëch ët fannen ët vermessen, datt ëmmer nees behaupt gëtt, mär bräichten dee Wuesstum fir eis sozial Sécherungssystemer um Liewen ze halen.

Daat stëmmt einfach nët. Fir eis Sozialversécherung fir d’Zukunft fit ze maachen, brauchen mer an éischer Linn eng aner Ëmverdeling vum Räichtum. An Proposen ginn ët der méi wéi genuch: nët nëmmen vun eis als Lénk, mee och vu Gewerkschaften a Sozialverbänn... (...)

Mee daat eenzegt, waat een do héiert ass: there is no alternative... a mär widdersprieche deem hefteg. Et ginn Alternativen, an se sinn och schon méi wéi eng Kéier beschriwwen ginn.

Dee Wuesstum, dee mer an de leschten Joëren erliewt hunn, iwwerfuerdert eis Planungscapacités, en iwwerfuerdert eis Infrastrukturen a mer verfügen nët iwwer déi Moyens, déi Regeln fir adequat drop ze reagéieren. Duerfir musse mer kucken aus daer Wuesstumsfaal erauszekommen. An zu daer

Faal gehéiert och, datt de Wuesstum vill ze vill den aléatoires Kräften vum fräien Moart iwwerlooss ass.

An besonnesch ee Beräich stécht do eraus an daat ass de Logement. Mär hunn hei am Land eng manifest Wunnengskriis. Daat ass gewosst. Schon zanter laangem. Mee geschitt ass all déi Joër nët vill. An duerfiir gëtt et och e Grond: bis elo hunn déi sukzessiv Regiirungen näischt aanescht gemeet wéi dem fräie Moart déi ganz Wunnegsfro ze iwwerloossen.

An de fräie Moart huet s'ech och eng gëllen Nues dru verdéngt. An d'Resultater huet de Statec eis nach eng kéier geliwwert: eng Augmentatioun vum Verkaafspräis iwwer ee Joër vun 10-12%. Och d'Loyers klammen a klammen, an daat wesentl'ech méi séier wéi d'Salaren (ronn 9% tëscht 2017 a 2018).

Wann Mënschen zu Lëtzebuerg bis virun der SNHBM campéieren, an der Hoffnung viir bei ze sinn, fir s'ech en Haus oder eng Wunneng ze leeschten, da wëssen mer och, daat d'Wunnengskriis matzen an der Gesellschaft ukomm ass.

Daat woaren nët déi ganz ënnen op der sozialer Leeder, mee daat ass d'Realitéit vun denen, déi esouguer nach d'Kritären erfëllen fir kënnen e Prêt op enger Bank ze kontraktéieren.

Dobäi wëssen mer schon laang, wéi grouss Demande ass an mer wëssen och waat de Besoin ass:

- Ronn 7.000 Wunnengen missten all Joër faerdeggestallt ginn, et sinn der awer wesentl'ech manner, a mer kréien ëmmer méi Retard;

- D'Caritas huet de Bedarf u Sozialwunnengen op 30.000 Wunnengen chiffréiert.... Och do geschitt vill ze wéineg.

Amplaatz d'Heft resolut an d'Hand ze huelen, ginn alt erëm virun allem Incitatiounen geschaafen, fir privat Promoteuren dozou ze bréngen ze bauen. Also: de Moart soll ët riichten... genee also dee Moart, deen esou kläglich versoot huet.

Duerfir mengen mä, datt d'Regiirung zu Lëtzebuerg zwéin Hiewelen muss bewejen:

1. Selwer bauen, an verstaerkt an den öffentleche Mietwunnengsbau.
2. Dem Moart kloer Regeln setzen, daat heescht och de Loyer begrenzen an daat op eng wesentlech méi effikass a verbindlech Art wéi daat bis elo de Fall ass. Mer hunn dozou Proposen gemeet...
3. Musse mer d'Spekulatioun bekämpfen.

De Liser huet virun e puer Méint viirgeluecht, datt mer zu Lëtzebuerg eng enorm Konzentratioun vun erschléissbarem Bauland hunn an den Hänn vun e puer privat Gesellschaften a Multimillionären. Si mussen an d'Verantwortung gezunn ginn. Duerfir brauch ët awer politësche Wëllen.

Här President,

Klimakriis, sozial Ongläichheeten a Wunnengsnout.

Hannert denen 3 Stéchwierder verstoppt s'ech eng grouss Fro:

Wiem gehéiert d'Welt? Dem internationalen Finanzkapital oder de Mënschen, déi an hiir liewen?

Duerfiir mengen mär als Lénk, datt mer eis Géigewart an eis Zukunft nët kënnen der Moartlogik ënnerwerfen.

Duerfiir brauchen mer an éischer Linn ëffentlëch Investitioune fir géint de Klimawandel viirzegoën, well se dem Privatkapital nët lukrativ genuch sinn, a se léiwer hiirt Kapital an geckeg Finanzproduits investéieren oder an d'Immobilienspekulatioun. Mer brauchen eng ëffentlëch Investitiounspolitik an de Logement an Regeln fir d'Spekulatioun ze ënnerbannen.

Mee soulaang esouguer déi ëffentlëch Fongs wéi d'Rentenreserv léiwer bei Shell a Monsanto investéieren an nët an d'Wandmillen am Eisléck oder PV-Anlagen op ëffentlëche Gebaier, esoulaang waerte mer eis Klima-ziiler nët erreechen kënnen.

Soulaang d'Investitiounen vun daer Kees jhust den héchsten Rendement bei Bürosgebäier op anere Kontinenter sicht, an nët domadder den ëffentlëche Wunnengsbau finanzéiert, esoulaang waerte mer de Problem nët léisen, mee wieder unheizen.

Här President,

ëch géif gaer an engem Land liewen, datt Musterschüler am Kampf géint de Klimawandel ass. Ech géif gaeren an engem Land liewen, daat déi sozial Inegalitéiten konsequent verréngert. An ëch géif och gaeren an engem Land liewen, datt de Problem vun der Wunnengkriis bei der Wuerzel paakt an nët verpläischtert....

mee daat ass leider nët esou...